PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/05/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

Zu Walfer kruten d'Bierger.innen ee Flyer vun de Majoritéitsparteie CSV an Déi Gréng ausgedeelt, an deem et iwwert ee gréissere Bauprojet am Zentrum vu Walfer geet. D'Zil vum Flyer ass et, fir d'Bierger ze motivéieren, fir Objektioune géint dëse Bauprojet anzereechen, wëssend, datt ee vum Gemengerot gestëmmte Moratoire betreffend eben dësem PAP souwuel vum Inneministère a vum Verwaltungsgeriicht refuséiert gi war.

Beim Flyer fält op, dass en zwar am Numm vun de Parteie publizéiert (a warscheinlech finanzéiert) gouf, et awer net ganz kloer ass, wien an dësem Fall de Sender vum Message ass. Effektiv féiert de benotzte Stil zu Vermëschungen ob elo d'Gemengeverwaltung, de Gemengerot, de Schäfferot oder d'Majoritéitsparteien dës Invitatioun gemaach hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Fënnt d'Ministesch et glécklech, dass zwou lokal Sektiounen aus enger Majoritéit ee Communiqué an hierem Numm erausginn, an als Kontaktméiglechkeet d'Gemengesekretariat vun der Gemeng Walfer uginn?

2. Wéi eng Reegele muss eng Gemeng beuechten, wann si ee Communiqué erausgëtt? A wéi enger Form dierfe Parteizeechen, Nimm oder Logoen op Communiquéë vun enger Gemeng figuréieren?

3. Wéi eng Méiglechkeeten huet den Inneministère als Ministère de Tutelle, fir Gemengen oder Sektiounen ze sanktionéieren, déi d'Reegelen net respektéieren?

4. Wéi verhënnert d'Ministesch, dass Majoritéitsparteien ee Gemengesekretariat fir hier Parteiaarbecht mëssbrauchen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député